


BULLETIN COMMUNAL LAROCHETTE



SOMMAIRE

03	PRÉFACE
07	QUIZ
10	DÉLIBÉRATIONS
20	SERVICE TECHNIQUE
34	VIE COMMUNALE
58	VIE ASSOCIATIVE
84	NATUR- & GEOPARK MËLLERDALL
87	ORT MËLLERDALL
88	LEADER Mëllerdall
92	DONNÉES DE L'ÉTAT CIVIL
95	CONTACT

OPRUFF / APPEL :

Schéckt eis Är Fotoen, Texter, Reportagen a Rapporten vun Ärem Veräin eran.

Envoyez-nous les photos, textes, reportages et rapports de votre association.

Kontakt / Contact :
Tourist Info Larochette
population@larochette.lu

Bulletin Communal de Larochette 2 | 2025

Rédaction :
SECRETARIAT DE L'ADMINISTRATION COMMUNALE DE LAROCLETTE

Mise en page : Molotov Design Sàrl - Larochette

Couverture : Edmée Koch

Impression : Imprimerie Schlimé

www.larochette.lu

molotov | Atelier graphique

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

LU Dëst Joer neigt sech dem Enn zou an et ass un der Zäit, op déi vergaange Méint zeréck ze blécken.

An de leschte Wochen a Méint hu mir zesumme bedeitend Erausforderunge gemeeschtert a wichteg Projete viru bruecht.

Eisen neien, aktuelle Projet beim Fussballsterrain gëtt de Moment vum Architektbüro gap_architectes ausgeschafft an analyséiert, nodeems mir eis Biergerbedeelegungs-Versammlung zesummen ofgehalen hunn.

Hei si vill konkret nei Iddie mat agefloss, wou mer lech elo schonns Merci wëlle soen, fir déi gutt Zesummenaarbecht.

De Bau vun der Maison relais steet och an de Startlächer a soll 2026 ugefaange ginn.

An deem Kontext wëll ech lech och informéieren, dass mir den "Accord de Principe" kritt hunn, fir een Deel vun der N14 op Tempo 30 erof ze setzen.

Mat dëser Ëmsetzung maache mir e wichtige Schrëtt fir eise Kanner, den Elteren, den Enseignanten an alle Bierger méi Sécherheet op de Stroossen ronderëm der Schoul an der Maison relais ze bidden. Duerch d'Ëmsetzung vun der 30er-Zon entsteet natierlech erëm en neie Chantier an eiser Gemeng. Et ass awer ze betounen, datt dës Aarbechten eng Investitioun an d'Liewensqualitéit an an d' Sécherheet sinn.

A propos Chantier: déi néideg Aarbechte vum Kanal a vun der Wasserleitung sinn endlech ofgeschloss. An nodréiglech muss ee soen, dass d' Entreprise et net ëmmer einfach hat, duerch de Chantier ze kommen. Ech wëll awer och op dëser Platz, lech alleguer ee grouse Merci ausschwätzen, Merci vir Är Gedold an Äert Versteedsdemech.

Parallel zu dësem Chantier, si mir am gaangen, an der Miedernacher Strooss op der Héicht vum Petanques-Terrain eng Verkéierungs-Berouegung ze amenagéieren. Dëse Projet soll bis Enn Februar 2026 ofgeschloss ginn.

Och d'Aarbechte vum Glasfaser sinn aktuell am gaangen, sief et am Millewee oder an der



Hëneschter Gaass. Iwwerall gëtt fläisseg dru geschafft, dass all Bierger esou séier wéi méiglech kann ugeschloss ginn. An der nächster Etapp wäerten dann och déi nächst Stroossen erneiert a moderniséiert ginn. Als Gemeng ass et eis wichteg, konsequent a modern Infrastrukturen ze investéieren, fir d'Zukunftsfäegkeet an d'Attraktivitéit vun eiser Gemeng ze stäerken.

De Chantier zu lernzen op der Kräizung soll och deemnächst ofgeschloss ginn.

Am nächste Joer bidde mir lech als Gemeng en neie praktesche Service un. An Zesummenaarbecht mat der Societéit ADY'S HYGIENE wäert dës Entreprise op festgeluechten Datumer Är Poubellë gratis propper maachen. Alles wat Dir maache musst, ass Är eidel Poubelle siichtbar virun d'Dier ze stellen. Den ADY'S-Service kënn si den Dag drop botzen. Déi genee Datumer an zousätzlech Informatiounen fannt Dir e puer Säite méi wäit.

D'Tariffer vun der "Nightcard" hu mir fir d'Joer 2026 nei adaptéiert. Ab 2026 ass d'Nightcard fir jidderee bis 25 Joer gratis, ab 26 Joer fält eng Cotisatioun vu 50 €/ Joer un. Dat ass en zousätzleche Service, vun deem all Bierger profitéiere kann.

Zu gudder Läscht wënschen ech lech an Äre Famillje schéi Chrëschtdeeg an ee gudde Rutsch 2026.

Mirko Martellini
Buergermeeschter



Chères concitoyennes, chers concitoyens,

FR À l'approche de la fin de l'année, je souhaite prendre un moment pour revenir avec vous sur les mois écoulés.

Nous avons traversé ensemble de nombreux défis, et c'est grâce à votre soutien, votre compréhension et votre engagement que nous avons pu faire avancer des projets importants pour notre commune.

Le nouveau projet annexé au terrain de football est actuellement en cours d'étude par le bureau gap_architectes. Cette étape fait suite à notre réunion de participation citoyenne, au cours de laquelle vous avez été nombreux à partager vos idées et vos suggestions. De nombreuses idées nouvelles et concrètes y ont été intégrées et je tiens à vous remercier très sincèrement pour la qualité de vos contributions et pour l'esprit constructif qui a guidé nos échanges.

La construction de la Maison relais se prépare également, avec un début des travaux prévu en 2026.

Dans ce contexte, j'ai le plaisir de vous informer que nous avons obtenu l'« accord de principe », permettant d'abaisser la vitesse à 30 km/h sur une partie de la N14.

Cette mesure représente un pas important pour renforcer la sécurité de nos enfants, des parents, du personnel éducatif ainsi que de tous les citoyens autour de l'école et de la Maison relais. L'introduction de cette zone 30 impliquera naturellement de nouveaux travaux, mais ceux-ci constituent un investissement indispensable dans la qualité de vie et la sécurité de notre commune.

Après une période d'efforts intenses, les travaux sur le réseau d'assainissement et la conduite d'eau sont désormais achevés. Je tiens à souligner que l'entreprise a dû faire face à des conditions parfois complexes et je souhaite vous adresser un grand merci pour votre patience et votre compréhension durant toute la durée du chantier.

En parallèle, nous réalisons un aménagement visant à apaiser la circulation dans la Rue de Medernach, au niveau du terrain de pétanque. Ce projet devrait être finalisé d'ici la fin février 2026.

Les travaux de raccordement à la fibre optique progressent également, que ce soit dans la Rue du moulin ou dans la Rue Michel Rodange. Nos équipes travaillent avec détermination pour que chaque habitant puisse être raccordé à la fibre dans les meilleurs délais. Les étapes suivantes permettront aussi de rénover et moderniser d'autres rues. Nous voulons continuer d'investir de manière cohérente dans des infrastructures modernes afin de renforcer la qualité de vie et l'attractivité de notre commune.

Le chantier du carrefour au milieu d'Ernzen devrait, lui aussi, être terminé très prochainement.

À partir de l'année prochaine, j'ai le plaisir de vous annoncer la mise en place d'un nouveau service pratique : en collaboration avec la société ADY'S HYGIENE, vos poubelles seront nettoyées gratuitement à des dates fixes. Il vous suffira de déposer votre poubelle vide devant votre porte ; le service passera le lendemain pour la nettoyer. Vous trouverez toutes les dates et informations utiles quelques pages plus loin.

Nous avons également ajusté les tarifs de la « Nightcard » pour 2026. À partir du 1^{er} janvier 2026, elle sera gratuite pour toute personne âgée de moins de 25 ans et une cotisation annuelle de 50 € sera demandée à partir de 26 ans. C'est un service supplémentaire dont chacun pourra profiter.

Pour conclure, je vous souhaite, ainsi qu'à vos familles, de joyeuses fêtes de Noël et une bonne année 2026.

Mirko Martellini

Bourgmestre



*Schéi
Feierdeeg
&
ee gudde Rutsch*



AVIS DE PUBLICATION

RÈGLEMENT-TAXE PORTANT FIXATION DE LA TAXE DE PARTICIPATION POUR LA CARTE DITE « NIGHT CARD LAROCLETTE »

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public qu'en séance publique du 7 octobre 2025, le Conseil communal a voté un « Règlement-taxe portant fixation de la taxe de participation pour la carte dite « Night card Larochette ». L'avis a été publié et affiché à la maison communale du 15 octobre 2025 au 17 octobre 2025 inclus.

RÈGLEMENT D'ORDRE INTÉRIEUR

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public qu'en séance publique du 9 février 2024, le Conseil communal a voté un « Règlement d'ordre intérieur du Conseil communal voté lors de la séance du Conseil communal du 29 avril 2025 ». L'avis a été publié et affiché à la maison communale du 27 août au 29 août 2025 inclus.

NOUVELLES CONDITIONS DU SERVICE « NIGHT CARD »

Le présent règlement entre en vigueur après sa publication conformément à l'article 82 de la loi communale et au plus tôt au 1^{er} janvier 2026.

- La commune de Larochette étend le service « Night Card » aux adultes de plus de 25 ans, alors qu'il était auparavant réservé aux jeunes de 16 à 25 ans.
- La « Night Card » est une carte annuelle, valable jusqu'au 31 décembre de l'année, permettant d'utiliser gratuitement le service de transport de nuit « Night Rider » pour tout trajet lié au territoire communal.
- Les jeunes de 16 à 25 ans obtiennent la carte gratuitement ; les adultes de 26 ans et plus doivent payer 50 €.
- Les trajets réservés mais non effectués sans annulation dans les délais seront facturés au détenteur.
- En cas d'abus ou de non-respect du règlement, la carte peut être bloquée.

QUIZ

MAACHT MAT A GEWANNT !
PARTICIPEZ ET GAGNER !

LU Wou fannt Dir dësen Embleem?

Wéi gutt kennt Dir eis Gemeng? Maacht mat bei eisem Quiz a gewannt eng flott Corbeille mat regionale Produiten.

Schéckt Är Äntwert mat Ärem Numm an Ärer Telefonsnummer bis spéitstens den **31. Januar 2026**

per Email op: population@larochette.lu

oder per Bréif op folgend Adress:
Administration communale de Larochette
33, Chemin J.A. Zinnen
L-7626 Larochette

De Gewënn ass eng Corbeille mat regionale Produiten. De Gewënner gëtt ausgeloust. De Rechtswee ass ausgeschloss.

FR Où se trouve cet emblème?

Envoyez-nous votre réponse avec votre nom et votre numéro de téléphone


par courriel à population@larochette.lu

ou par courrier pour au plus tard le **31 janvier 2026**

à l'adresse suivante :

Administration communale de Larochette
33, Chemin J.A. Zinnen
L-7626 Larochette

Le gagnant recevra un panier gourmand régional. Le gagnant sera désigné par tirage au sort. Le recours à voie juridique est exclu.



ATTENTION



Dans le cadre des festivités de fin d'année, l'administration communale de Larochette rappelle aux citoyens qu'il est strictement interdit selon l'article 33 du règlement général de police en vigueur de faire brûler des articles pyrotechniques ou de tirer des pétards à l'intérieur des localités sans l'autorisation du bourgmestre.

Par conséquent, les habitants sont invités à respecter cette mesure, non seulement par respect pour le repos nocturne des gens, mais également par respect pour les animaux et l'environnement. Pour toutes urgences nécessitant une intervention policière, le numéro d'appel d'urgence 113 se tient naturellement à disposition de la population.

Le Collège échevinal de la Commune de Larochette

Am Kader vun de Festivitéiten um Enn vum Joer erënnert d'Fielser Gemeng all Bierger drun, datt et laut Artikel 33 vum gültige Police-Reglement strikt verbueden ass, pyrotechnesch Géigestänn ofzebrennen oder Petarde banne(n) den Uertschaften ze zünden, ouni d'Autorisatioun vum Buergermeeschter.

Dofir ginn d'Awunner invitéiert, dës Mesure anzehalen – net nëmme fir d'Nuechtsrou vun de Leit ze respektéieren, mee och aus Respekt fir d'Déieren an d'Ëmwelt. Fir all Urgencen, déi en Asaz vun der Police erfuerderen, steet d' Noutfallnummer 113 natierlech der Bevëlkerung zur Verfügung.

De Fielser Schäfferot

BICHER

Bicherbus - T8

Le Bicherbus est de passage les **jeudis**

18.12.2025 22.01.2026 12.02.2026

Quand ? 14h05 – 14h45

Où ? 13, chemin J.A. Zinnen,
parking derrière l'école fondamentale

Contact :

Michel Molinaro

Responsable du Bicherbus
(+352) 26 55 9 - 245

bicherbus@bnl.etat.lu

Équipe du Bicherbus

Renseignements

(+352) 26 55 9 - 240

bicherbus@bnl.etat.lu



Mierscher Lieshaus

Ëffentlech Bibliothéik

55, Rue Grande-Duchesse Charlotte
L-7520 Mersch

kontakt@mierscher-lieshaus.lu

Tel.: 32 50 23-550

www.mierscher-lieshaus.lu

Di/Mar/Tue	14:00 - 18:00
Mi/Mer/Wed	15:00 - 19:00
Do/Jeu/Thur	14:00 - 18:00
Fr/Ven/Fri	10:00 - 14:00
Sa/Sam/Sat	10:00 - 13:00

OPEN

Retourbox 24/7



MAT LU-Alert GESÄIS DU ET KOMMEN.

Gutt gewarnt,
fir richtig
ze reagéieren.



LU  **Alert**

DEN NATIONALE WARNSYSTEM



Luet d'LU-Alert App erof.

www.lu-alert.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

DÉLIBÉRATIONS

EXTRAIT DU REGISTRE AUX DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE LAROCHETTE AUSZUG AUS DEN GEMEINDERATSSITZUNGEN DER GEMEINDE FELS

Juillet 2025 - Octobre 2025

Le détail de toutes les délibérations sur www.larochette.lu

Alle Beratungen des Gemeinderates können im Detail auf www.larochette.lu nachgelesen werden

FR

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 15 JUILLET 2025

Présents : Mmes et MM. Mirko MARTELLINI, bourgmestre ; Luc JEMMING, échevin, Ana Teresa MARQUES LIMA, échevine ; Luc CLEMEN, Liz HEINTZ, Natalie SILVA et Joël WEIS conseillers ; Bruno BRUNETTI, secrétaire

Absents excusés : Mme Myriam MARTINS MENDES, M. Paul EWEN, conseillers

1. Approbation : Plan de gestion annuel des forêts pour l'année 2026.

>> [Approbation à l'unanimité](#)

2. Information et présentation par le bureau gap_architectes : Projet de construction d'un bâtiment sportif & fonctionnel au Plateau Birkelt où se trouve actuellement la buvette du terrain de football.

Le Bourgmestre explique que le bureau gap_architectes, représenté par M. Schank et Mme Besenius, est présent pour un projet initialement prévu comme la simple rénovation d'une buvette. Après réflexion, il a été décidé de développer un bâtiment sportif et fonctionnel plus utile à la collectivité, avec un coût estimé à 3 millions d'euros, contre 750.000 € pour une buvette.

Le Collège échevinal prévoit une réunion d'information pour les citoyens en automne. Avant cette réunion, les habitants et associations pourront donner leur avis via un formulaire physique ou/et en ligne, qui sera synthétisé et présenté lors de la

réunion. Le complexe envisagé pourrait être utilisé conjointement avec la buvette ou indépendamment pour des fêtes privées et autres activités, avec moins de nuisances pour les riverains que le centre culturel du village.

Mme Silva suggère de développer un concept régional avec les communes voisines et interroge s'il existe une demande pour un deuxième terrain de football. Le Bourgmestre confirme qu'une demande avait été faite, mais qu'une extension sur le site actuel n'est pas possible pour l'instant.

>> [Le Conseil communal en prend note](#)

3. Information et présentation par le Bureau MC Luxembourg : Etat d'avancement du projet de la nouvelle Maison relais au centre de Larochette, détail et évaluation des offres reçues, explications relatives à la phase de négociation et communication sur le prestataire auquel le marché sera attribué.

Le Bourgmestre accueille M. Leuschen et M. Blasius du Bureau MC de Mersch, présents pour expliquer la procédure d'attribution du marché de construction de la nouvelle Maison relais (26-28, Rue de Medernach), située face à l'école actuelle. M. Leuschen indique que, suite à la soumission publique, trois entreprises ont été déclarées éligibles et que des négociations détaillées ont été menées conformément au cahier des charges. L'entreprise TRALUX présente un léger avantage, principalement grâce à la durée des travaux, critère déterminant. Les prix proposés restent tous inférieurs au budget initial prévu par le Conseil communal. Les travaux de planification débuteront prochainement. La société TRALUX est chargée

d'élaborer les plans conformes aux réglementations pour obtenir l'autorisation de construire.

>> [Le Conseil communal en prend note](#)

4. Nomination d'un membre à la Commission du développement durable suite à une démission.

Mme Mirela ESTRACHE ép. IVANOV est nommée membre de la Commission du développement durable par vote secret.

>> [Vote par scrutin secret et à l'unanimité](#)

5. Le subside ordinaire de 100 € est accordé à l'association « Ambulanz Wonsch ».

>> [Approbation à l'unanimité](#)

6. Titres de recette

>> [Approbation à l'unanimité](#)

7. Questions, affaires courantes et communications

M. Weis demande où en est l'avancement du projet de règlement relatif à la mise à jour du règlement communal instituant un régime d'aides financières pour les personnes physiques, en vue de promouvoir l'utilisation rationnelle de l'énergie et la valorisation des énergies renouvelables dans le domaine du logement.

Le Collège échevinal répond que le Natur- et Geopark Möllerdall (NGPM) est en train de finaliser le règlement en question. Dès que celui-ci sera disponible, les Conseillers communaux en seront informés et l'adaptation du texte sera soumise à l'approbation des conseillers lors d'une prochaine séance du Conseil communal.

M. Weis demande au Bourgmestre si le Collège échevinal est informé de la problématique actuellement présente au sein de l'école fondamentale (cycle 4), notamment en ce qui concerne des comportements inadaptés, des conflits, des influences liées aux réseaux sociaux, ect.

Le Bourgmestre répond qu'il a effectivement été informé de la situation et qu'il en est pleinement au courant. L'école travaille activement à la résolution des difficultés rencontrées. Il précise toutefois que ces situations surviennent principalement en

dehors des heures de cours.

Mme Silva demande quand le Collège échevinal envisage de procéder à l'enregistrement des séances du Conseil communal, en précisant que le matériel nécessaire est déjà disponible et qu'elle ne comprend pas pourquoi cette mesure n'a pas encore été mise en œuvre.

M. Martellini répond qu'un problème technique subsiste actuellement, mais que le système d'enregistrement sera mis en service dans les meilleurs délais.

M. Weis souligne l'importance de célébrer la Fête nationale comme il se doit, mais suggère qu'il serait opportun de revoir quelque peu le concept actuel, surtout celui du buffet.

SÄTZUNG VUM GEMENGEROT VUM 15. JULI 2025

Präsent: d'Dammen an d'Hären: Mirko MARTELLINI, Buergermeeschter; Luc JEMMING, Schäffen; **LU** Ana Teresa MARQUES LIMA, Schäffin; Luc CLEMEN, Liz HEINTZ, Natalie SILVA a Joël WEIS, Conseilleren; Bruno BRUNETTI, Sekretär.

Net present, entschëllegt:

Mme Myriam MARTINS MENDES, M. Paul EWEN, Conseilleren

1. Geneemegung: Joresplang fir d'Bewirtschaftung vun de Gemengebëscher 2026.

>> [Eestëmmeg ugeholl](#)

2. Informatioun & Presentatioun vum Büro gap_architects: Projet fir de Bau vun engem Sport- a Funktiounsgebai um Plateau Birkelt, wou aktuell d'Buvette vum Fußballsterrain steet.

De Buergermeeschter begréisst den Här Schank an d'Madamm Besenius vum Architektbüro gap_architects, déi ee Projet virstellen, deen ursprénglech als einfach Renovatioun vun der Buvette vum Fußballsterrain ugeduecht war. No etlechen Iwwerleeungen huet de Schäfferot decidéiert, ee "Sport- a Funktiounsgebai" ze entwéckelen, dat d'Gemeng méi néideg brauch.



Dat bedeit och, dat de neie Komplex geschätzten dräi Milliounen Euro kaschte géif am Verglach zu 750.000 € fir d'Erweiterung vun der Buvette.

De Schäfferot gesäit vir, am Hierscht eng "Biergerversammlung" ze organiséieren. Virun dëser Versammlung wäerten d'Bierger an d'Veräiner d'Méiglechkeet hunn, hir Meenungen iwwert ee Questionnaire oder online ofzeginn. D'Resultater sollen dann zesummegefaasst a bei der Versammlung presentéiert ginn. Den neie Komplex kéint zesumme mat der Buvette oder onofhängeg vun dëser, fir Feieren an aner Aktivitéite genotzt ginn. Dat géif manner Stéierung bedeite fir d'Awunner, déi ronderëm dem Centre culturel wunnen.

D'Madamm Silva proposéiert, e regionale Konzept mat den Nopeschgemengen ze entwéckelen, a freet, op et eng Demande gëtt fir een zweeten Futtballsterrain. De Buergermeeschter bestätegt, datt eng Ufro gemaach gouf, mee datt eng Erweiterung vum aktuelle Site an dëser Phase net méiglech ass.

>> De Gemengerot hält dëst zur Kenntnis

3. Informatiounen a Presentatiounen vum Büro MC Luxembourg: Rapport iwwert de Fortschritt vum Projet vun der neier Maison relais am Zentrum vun der Fiels, Detailer an Aschätzung vun de Offeren, déi agaange sinn, Erklärungen iwwert d'Verhandlungsphasen an d'Kommunikatioun iwwert d'Entreprise, déi den Ausféierungskontrakt zougesprach kritt.

De Buergermeeschter begréisst den Här Leuschen an den Här Blasius vum Büro MC Luxembourg vu Miersch, déi béid do sinn, fir d'Prozedur bei der Attributioun vum Kontrakt vum Bau vun der neier Maison relais (26-28, Miedernacherstrooss) vis-à-vis vun der Fielser Schoul ze erklären. Den Här Leuschen weist drop hin, datt no der öffentlecher Ausschreiwung dräi Entreprises als qualifizéiert unerkannt goufen an datt detailléiert Verhandlungen no de gefuerderte Spezifikatiounen gefouert goufen. D'Firma TRALUX läit heibäi liicht vir, haaptsächlech wéinst der Dauer vun den Aarbechten (wat ee bestëmmende Faktor ass). Déi proposéiert Präisser leien allegueren ënnert dem urspréngleche Budget, dee vum Gemengerot festgeluecht gouf. D'Planéierungsarbechte fänke geschwënn un. D'TRALUX ass zoustänneg

fir d'Pläng no de Reglementer opzestellen, fir d'Baugeneemegungen ze kréien.

>> De Gemengerot hält dëst zur Kenntnis

4. Ernennung vun engem neie Member an d'Kommissioun fir nohalteg Entwécklung no enger Demissioun.

D'Madamm Mirela ESTRACHE, bestueten IVANOV, gëtt als Member an d'Kommissioun fir nohalteg Entwécklung ernannt.

>> Eestëmmegen a geheime Vott

5. Ee Subside vun 100 € ergeet un d'Associatioun « Ambulanz Wonsch ».

>> Eestëmmeg ugeholl

6. Titres de recettes

>> Eestëmmeg ugeholl

7. Froen, aktuellt Uleies a Matdeelungen

Den Här Weis freet, wou de Projet drun ass, wat de Reglement ugeet, dat dat besteeënde Gemengereglement iwwer d'Fërderung vun enger rationaler Energienotzung an der Opwärtung vun den erneierbaren Energien am Kader vu privaten Haushalter aktualiséiere soll.

De Schäfferot deelt mat, dass den Natur a Geopark Mëllerdall (NGPM) esou gutt wéi fäerdeg ass mat der Ausschaffung vum Reglement. Esoubal den disponibel ass, ginn d'Gemengeconseillere heiriwwer informéiert, an d'Upassung vum Text gëtt dann an enger vun den nächste Gemengerotssëtzunge fir d'Geneemegung virgeluecht.

Den Här Weis freet de Buergermeeschter, ob de Schäfferot sech der aktueller Problematik an der Fielser Schoul am Cycle 4 bewosst ass, besonnesch wat onpassend Verhalen, Konflikter, schlecht Aflëss duerch sozial Medien, asw.

De Buergermeeschter äntwert, dat hien effektiv iwwert dëst Situatioun an d'Bild gesat gouf. D'Schoul schafft awer aktiv un der Léisung vun dëse Problemer. Hien ënnersträicht awer och, dass di genannte Problemer besonnesch an haaptsächlech ausserhalb vun de Schoulstonne bestinn.

D'Mme Silva freet, wéini de Schäfferot mam

Ophuele vun de Gemengerotssitzungen ufänke wëll. Si präziséiert, dat dat néideg Material disponibel wier an datt si net verstoe kann, firwat et nach net benotzt ginn ass.

Den Här Martellini erkläert, datt et am Ablack een technesche Problem géif, mee datt de System fir opzehuelen esou séier wéi méiglech agesat gött.

Den Här Weis ënnersträicht d'Wichtigkeet, den Nationalfeierdag op eng passend Manéier ze feieren, mee hie schléit vir, datt et ubruecht wier, den aktuelle Konzept ze iwwerpräiwen, virun allem beim Buffet.

FR

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 7 OCTOBRE 2025

Présents : Mmes et MM. Mirko MARTELLINI, bourgmestre ; Luc JEMMING, échevin ; Mme Ana Teresa MARQUES LIMA, échevine ; Paul EWEN, Liz HEINTZ, Natalie SILVA, Luc CLEMEN, Joël WEIS conseillers ; Bruno BRUNETTI, secrétaire

Rajout d'un point à l'ordre du jour sur demande de Madame Silva, conformément à l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988. Le Collège échevinal accepte cette demande. Par conséquent, le « point 10 : Mise à jour et présentation du Plan Pluriannuel de Financement (PPF) » est ajouté à l'ordre du jour de cette session.

1. Approbation du Plan d'encadrement périscolaire 2025/2026 (PEP) de la commune de Larochette pour l'année scolaire 2025-2026 visant une collaboration renforcée entre l'école fondamentale et la structure d'accueil.

>> Vote à l'unanimité

2. Approbation : Organisation scolaire définitive pour l'année scolaire 2025/2026.

>> Vote à l'unanimité

3. Approbation du contrat de location d'un emplacement de stationnement émanant du domaine public à Madame Benvenuta Roveredo, personne à mobilité réduite.

>> Vote à l'unanimité

4. Approbation : divers décomptes.

- Approbation du décompte pour l'aménagement d'une aire de jeux « Am Däich » pour le montant de 174.265,21 € (TTC).

>> Vote à l'unanimité

- Approbation du décompte pour la réfection de la Montée d'Ernzen à Ernzen pour le montant de 3.170.800,13 (TTC).

>> Vote à l'unanimité



- Approbation du décompte des portes et fenêtres dans le nouveau bâtiment scolaire de l'Ecole fondamentale pour le montant de 428.907,96 € (TTC).

>> Vote à l'unanimité

- Approbation du décompte de la revalorisation du Musée du Textile à Larochette pour le montant de 524.063,08 € (TTC). Le maximum des subsides à percevoir par les Ministères de l'Economie et de la Culture s'élève à 279.461 €.

>> Vote à l'unanimité

- Approbation du décompte pour l'exécution des mesures de rétention « Schëffendellchen » pour le montant de 374.953,39 € (TTC). Les subsides à percevoir par le Ministère de l'Environnement s'élèvent à 261.771 €.

>> Vote à l'unanimité

- Approbation du décompte de la mise en conformité de la source Schëffendellchen » pour le montant de 208.403,25 € (TTC).

>> Vote à l'unanimité

- Approbation du décompte du réaménagement du parking au centre d'Ernzen à Ernzen pour le montant de 128.618,84 € (TTC).

>> Vote à l'unanimité

- Décompte du renouvellement de la conduite d'eau potable dans la Rue d'Ernzen entre la Rue « Um Däich » et le Rue du moulin à Larochette pour le montant de 157.449,86 € (TTC).

>> Vote à l'unanimité

- Décompte de la mise en conformité du réservoir Ernzerberg à Ernzen pour le montant de 78.994,41 € (TTC).

>> Vote à l'unanimité

5. Approbation du contrat d'engagement avec la société MC Project Management Luxembourg S.à r.l. dans le cadre de la planification et de la mise en oeuvre ainsi que du suivi des travaux d'exécution "Baucontrolling" pour la nouvelle Maison relais à Larochette.

>> Vote à l'unanimité

6. Approbation de la nouvelle convention relative au transport de nuit « Nightcard » avec l'entreprise Sales Lentz de Bascharage à partir du 2 janvier 2026.

>> Vote à l'unanimité

7. Approbation du règlement-taxe portant fixation de la taxe de participation pour la carte dite « Night card Larochette ». À partir du 2 janvier 2026, ce service sera à disposition pour tous les citoyens de la Commune de Larochette.

Veillez consulter les conditions et tarifs sur notre site internet sous [www. https://larochette.lu/reglements-et-taxes/](https://larochette.lu/reglements-et-taxes/).

>> Vote à l'unanimité

8. Approbation : Aménagement d'un îlot et d'un passage pour piétons à hauteur de l'aire de pétanque dans la Rue de Medernach sur base du devis pour le montant de 165.000 € (TTC) dressé par l'ingénieur communal.

>> Vote à l'unanimité

9. Vote à huis clos et par scrutin secret : Engagement d'un employé communal (m/f), en communication et coordination touristique, groupe d'indemnité B1, sous-groupe d'indemnité administratif pour les besoins du Secrétariat communal. Engagement de Madame PATAT Laura, à partir du 1er décembre 2025.

>> Vote avec sept bulletins pour et deux bulletins nuls

10. Sur demande de Madame Silva le point « Mise à jour et présentation du Plan pluriannuel de Financement (PPF) » a été ajouté à l'ordre du jour. Après lecture d'une lettre rédigée par Madame Silva adressée au bourgmestre, Monsieur Martellini explique que le document PPF a bien été élaboré, comme prévu par la loi, deux fois par année et que ce point sera reporté à l'ordre du jour du prochain Conseil communal. Vous trouverez la lettre mentionnée en intégralité sur notre site internet sous <https://larochette.lu/seances-du-conseil-communal/>.

11. Questions, affaires courantes et communications

Monsieur le Bourgmestre informe que le chantier situé Rue de Larochette à Ernzen a été suspendu par l'Inspection du Travail et des Mines (ITM). Lors des travaux, les ouvriers ont rencontré des conduites contenant de l'amiante. Le passage destiné aux véhicules serait devenu trop étroit si les travaux avaient continué. Pour des raisons de sécurité, le chantier est donc actuellement interrompu et ne reprendra qu'après que l'ITM ait donné les instructions à suivre.

La journée de « Commémoration Nationale » se tiendra le dimanche 19 octobre à 11h00 à l'église de Larochette.

Les Amis de la Fleur célébreront leur 100^e anniversaire le 10 novembre 2025 à 15h00 en plantant un arbre dans la cour de la Commune, accompagné d'une plaque commémorative.

Le Bourgmestre informe que la société Ewen qui intervenait pour le compte de la Commune dans le cadre de l'aménagement des réseaux de fibre optique dans la Rue du Moulin, a malheureusement fait faillite. L'Administration communale est actuellement dans l'attente de précisions quant à la reprise et à la continuité du chantier.

Monsieur Paul Ewen demande des précisions sur le fonctionnement du Musée du Textile, notamment concernant le nombre de visites et le mode de collaboration avec Fairtrade Luxembourg. Il propose également au Collège échevinal de prendre contact avec le musée d'Esch-sur-Sûre afin d'échanger des informations et de s'inspirer de leur organisation.

Monsieur le Bourgmestre répond qu'une réunion avec Fairtrade Luxembourg est prévue le 28 octobre pour aborder ces différents points.

Madame Natalie Silva demande à nouveau, comme lors de la séance du 15 juillet 2025, quand le collège échevinal entend procéder à l'enregistrement des séances du Conseil communal. Elle souligne que les excuses commencent à apparaître peu convaincantes, voire inutiles, et insiste sur le fait qu'il serait préférable d'enregistrer les séances dans leur intégralité, même si cela implique de ne pas découper les enregistrements en plusieurs fichiers.

Mme Martins Mendes souhaite savoir si le dossier concernant la limitation de vitesse à 30 km/h dans la Rue de Mersch progresse. Il est répondu que le bureau Schaller travaille actuellement sur ce dossier, qui sera prochainement transmis à l'Administration des Ponts et Chaussées et par la suite au Ministère compétent.

Le Bourgmestre informe qu'un deuxième banc sera prochainement installé à l'arrêt de bus situé devant l'ancien Hôtel du Château, afin d'empêcher le stationnement de véhicules et de permettre aux usagers du bus d'attendre confortablement et en toute sécurité.

M. Weis signale avoir entendu que la commune de Heffingen prévoit des travaux majeurs d'infrastructures routières. Bien que ces travaux se déroulent à Heffingen, ils rendront temporairement inaccessible la localité depuis la Rue du Moulin à Larochette. De plus, il a entendu que d'importants travaux seront entrepris sur la route de la Soup vers Heffingen.

M. Diederich, ingénieur communal, répond qu'il n'était pas au courant de cette situation, mais qu'il s'informerait auprès de son homologue à Heffingen.

M. Ewen informe que les « Äiskeller (les caves à glace) » situés dans la Rue d'Ernzen à Larochette ont été utilisés lors de la marche dégustative, ce qui contribue à valoriser le site. Il s'interroge toutefois sur la question de la sécurité de ces installations.

M. Clemen demande s'il serait possible que chaque commission dispose d'une adresse e-mail dédiée. Il est répondu que cela est envisageable et que la question sera examinée au sein du Collège échevinal.

M. Clemen s'enquiert également de la possibilité d'aménager une morgue au cimetière de Larochette, suggérant que le Collège échevinal étudie cette question.



SËTZUNG VUM GEMENGEROT VUM 7 OKTOBER 2025

Präsident: d'Dammen an d'Hären: Mirko MARTELLINI, Buergermeeschter; Luc JEMMING, Schäffen; Ana Teresa MARQUES LIMA, Schäffin; Natalie SILVA, Myriam MARTINS MENDES, Luc CLEMEN, Liz HEINTZ, Paul EWEN a Joël WEIS, Conseilleren; Bruno BRUNETTI, Sekretär

Op Ufro vun der Madamm Silva gött, konform mam Artikel 13 vum geännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, en zousätzleche Punkt op den Ordre du jour gesat.

De Schäfferot akzeptéiert dës Ufro. Dowéinst gött de „Punkt 10 : Aktualiséierung a Presentatioun vum Méijores-Finanzéierungsplang (PPF)“ op d'Dagesuerdnung vun dëser Sëtzung opgeholl.

1. Geneemegung vum Plang fir ausserschoulesch Aktivitéiten (PEP) fir d'Schouljoer 2025/2026 (PEP) an der Gemeng Fiels mat dem Zil, d'Zesummenaarbecht tëschent de Fielser Schoul an de Betreiuungsstrukturen ze stäerken.

>> Eestëmmeg ugeholl

2. Geneemegung: definitiv Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2025/2026.

>> Eestëmmeg ugeholl.

3. Geneemegung vum Bail (Mietvertrag) vun enger Parkplaz op öffentlechem Terrain fir eng Persoun mat reduzéierter Mobilitéit (Mme Benvenuta Roveredo).

>> Eestëmmeg ugeholl

4. Geneemegung: verschidden Decompten

- Approbatioun vun der Ofschlossrechnung fir de Bau vun der Spillplaz „Am Däch“ an Héicht vun 174.265,21 € (TTC).

>> Eestëmmeg ugeholl

- Approbatioun vum Decompte fir d'Sanéierung vun der Montée d'Ernzen zu lerez mam Montant vun 3.170.800,13 € (TTC).“

>> Eestëmmeg ugeholl

- Approbatioun vum Decompte fir d'Revalorisatioun vum Textil Musée an der Fiels mam Montant vu 524.063,08 € (TTC). De maximale Montant u Subsiden, déi d'Ministere fir Wirtschaft a Kultur ausbezuele kënnen, belëft sech op 279.461 €.

>> Eestëmmeg ugeholl

- Approbatioun vum Decompte fir d'Ausféierung vun de Retentiouns-Moossnamen „Schëffendellchen“ mam Montant vun 374.953,39 € (TTC). D'Subside vum Ëmweltministère belafen sech op 261.771 €.

>> Eestëmmeg ugeholl

- Approbatioun vum Decompte fir de Reamenagement vum Parking am Zentrum vun lerez mam Montant vu 128.618,84 € (TTC).

>> Eestëmmeg ugeholl

- Decompte vum Erneiere vun der Drénkwaasserleitung an der lerez Strooss tëschent der Rue « Um Däch » an dem Millewee an der Fiels mam Montant vu 157.449,86 € (TTC).

>> Eestëmmeg ugeholl

- Decompte vun de Konformitéitsaarbechten um Réservoir Ernzerberg zu lerez mam Montant vun 78.994,41 € (TTC).

>> Eestëmmeg ugeholl

5. Geneemegung vum Kontrakt mat MC Project Management Luxembourg S.à r.l. fir d'Planung, d'Ëmsetzung an d'Iwwerwaachung vun de Bauaarbechten (“Baucontrolling”) fir déi nei Maison relais an der Fiels.

>> Eestëmmeg ugeholl

6. Geneemegung vum neie Kontrakt iwwer de “Night card”-Nuechtstransportservice mat der Firma Sales Lentz vu Bascharage, gëlteg vum 2. Januar 2026 un.

>> Eestëmmeg ugeholl

7. Approbatioun vum Taxereglement, dat d'Participatioun fir d'Fielser "Night Card" festleet. Vum 2. Januar 2026 un steet dëse Service alle Bierger aus der Gemeng zur Verfügung.

Konsultéiert w.e.g. di allgemeng Bedéngungen an d'Präisser op eiser Websäit ënner [www.https://larochette.lu/reglements-et-taxes/](https://larochette.lu/reglements-et-taxes/).

>> [Eestëmmeg ugeholl](#)

8. Geneemegung: Bau vun enger Verkéiersinsel an engem Zebrasträif bei der Pétanque-Piste an der Miedernacherstrooss op Basis vum Devis vun 165.000 € (TVA incl.), opgestallt vum Gemengeningenieur.

>> [Eestëmmeg ugeholl](#)

9. Ofstëmmung hannert zouenen Dieren an duerch geheim Vott: Engagement vun engem Gemengebeschäftegten (m/f) am Beräich Kommunikatioun an touristesch Koordinatioun, Indemnitéitsgrupp B1, Ënnergrupp Administratioun, fir d'Bedierfnesser vum Gemengesekretariat. Engagement vun der Madamm PATAT Laura ab dem 1^{ten} Dezember 2025.

>> [Vott mat siwe Stëmmen dofir an zwou ongëlteg Stëmmen](#)

10. Op Ufro vun der Madamm Silva gouf de Punkt « Mise à jour et présentation du Plan pluriannuel de Financement (PPF) - Aktualiséierung a Presentatioun vum Méijores-Finanzéierungsplang (PPF) » op den Ordre du jour gesat. Nodems ee Bréif virgelies gouf, deen d'Madamm Silva un de Buergermeeschter geriicht huet, erkläert den Här Martellini, datt de PPF-Dokument wéi vum Gesetz virgesinn, zweemol am Joer ausgeschafft gouf an datt dëse Punkt op den Ordre du jour vum nächste Gemengerot gesat gëtt. Dëse Bréif fannt Dir komplett op eiser Internetsäit ënnert Seances du conseil communal.

11. Froen, aktuellt Uleies an Matdeelungen
De Buergermeeschter informéiert, datt de Chantier an der Fielser Strooss zu lerez vun der ITM suspendéiert gouf. Während den Aarbechte sinn d'Aarbechter op Réier mat Asbest gestouss. De Passage, dee fir d'Gefierer virgesi war, wier ze enk ginn, wann d'Aarbechte weidergefouert gi wieren. Aus Sécherheetsgrënn ass de Chantier am

Moment zou a gëtt erëm opgemaach, soubal d'ITM Instruktiounen erausginn huet, déi ze befollege sinn.

D'Zeremonie vum Nationale Gedenkdag (Journée de la commémoration) fënnt e Sonnden, den 19. Oktober, um 11:00 Auer an der Kierch an der Fiels statt.

Les Amis de la Fleur feiern hiren 100. Gebuertsdag den 10. November 2025 um 15:00 Auer, andeems si e Bam am Haff vun der Gemeng planzen, begleet vun enger Gedenkplack.

De Buergermeeschter informéiert, datt d'Firma Ewen, déi fir d'Gemeng d'Glasfasernetz am Millewee installéiert huet, leider faillite gemaach huet. D'Gemengeverwaltung waart am Ablack op weider Informatiounen wat d'Weiderféiere vum Chantier betrëfft.

Den Här Ewen freet no méi Informatiounen iwwer de Fonctionnement vum Textil Musée, besonnesch wat d'Zuel vun de Visitten an der Zesummenaarbecht mat Fairtrade Luxembourg ugeet. Hien proposéiert dem Schäfferot, Kontakt mam Musée vun Esch/Sauer opzehuelen, fir Informatiounen auszetauschen a sech vun hirer Organisatioun inspiréieren ze loossen. Den Här Buergermeeschter äntwert, datt eng Reunioun mat Fairtrade Luxembourg fir den 28. Oktober geplangt ass fir dës verschidde Punkten ze beschwätzen.

D'Madamm Silva freet nach eng Kéier, esou wéi schonns an der Sëtzung vum 15. Juli 2025, wéini de Schäfferot virhätt, d'Sëtzunge vum Gemengerot opzehuelen. Si ënnersträicht, datt d'Ausrieden ufänken oniwwerzeegend, souguer onsënneg ze ginn, a besteet drop, datt et virzezéien ass, d'Sëtzunge komplett opzehuelen, och wann dat bedeit, datt d'Opnamen net an e puer Audio-Dateien opgedeelt kënnen ginn.

D'Madamm Martins Mendes freet, ob et Fortschrëtter bei der Méiglechkeet vun enger Aféierung vun enger 30 km/h-Vitessbegrenzung an der Mierscherstrooss gëtt. Si kritt geäntwert, datt de Bureau Schaller de Moment un dësem Dossier schafft.

Dësen Dossier wäert an der nächster Zäit un d'Administration des Ponts et Chaussées goen



an duerno un den zoustännege Ministère weidergeleet ginn.

De Buergermeeschter annoncïert, datt deemnächst eng zweet Bänk um Busarrêt virum fréieren Hôtel du Château installéiert gëtt, fir ze verhënneren, datt Gefierer do parken, an d'Benotzer vum Bus eng bequeem a sécher Waardeplaz hunn.

Den Här Weis seet, datt hien héieren hätt, datt d'Gemeng Hiefenech gréisser Stroosseninfrastrukturen-Aarbechte plangt. Obwuel dës Aarbechten zu Hiefenech wäerte sinn, maachen si d'Gemeng temporär vum Millewee aus net zougänglech an et wäerten och nach Aarbechten an der Supp a Richtung Hiefenech ginn.

De Gemengeningenieur, den Här Diederich, äntwert, datt hien nach net heiriwwer informéiert gi wier, mee dat hien sech mat sengem Homolog vun Hiefenech heiwéinst a Verbindung setze géif.

Den Här Ewen erzielt, datt d'Äiskelleren, déi an der Ierenzer Strooss leien, während der Marche dégustative benotzt goufen, wat zum Wäert vum Site bäidréit. Hien stellt sech awer d'Fro no der d'Sécherheet vun de Kelleren.

Den Här Clemen freet, ob et méiglech wier, datt all Kommissioun hier eegen E-Mail-Adress kéint kréien. Hien kritt geäntwert, datt dat virstellbar ass an datt seng Fro am Schäfferot gepréift gëtt.

Den Här Clemen informéiert sech och iwuer d'Méiglechkeet, eng Morgue um Fielser Kierfecht anzeriichten a proposéiert, datt de Schäfferot dës Fro iwuerpräift.



CHRËSCHTBEEMERCHER-SAMMELAKTIOUN COLLECTES DES SAPINS DE NOËL

Le Jeunes Sapeurs-pompier de Larochette organise une collecte de porte à porte de sapins de Noël, le

samedi, 10 janvier 2026

à partir de 9 heures du matin.

Veillez placer votre sapin bien visible devant votre maison ou dans une rue bien accessible pour un tracteur avec une remorque.



D'Jugendpompjeeën Fielser kommen Äre Chrëscht-beemchen den

Samschdeg, den 10. Januar 2026

ab 9 Auer moies

asammelen.

Leet äre Beemchen dofir gutt siichtbar enzwousch, wou mir kënne mam Trakter hikomme fir en opzelueden.



BIEN TRIER : MODE D'EMPLOI

Découvrez nos consignes de tri pour chacune de vos poubelles



PAPIER & CARTON



DÉCHETS ACCEPTÉS :

- Journaux, magazines, livres
- Emballages en papier
- Cahiers et blocs-notes
- Papier d'écriture et d'impression
- Enveloppes en papier



DÉCHETS NON ACCEPTÉS :

- Papier très sale ou gras
- Emballages jetables avec revêtement plastique
- Emballages multicouches
- Cartons à boissons
- Papier peint
- Serviettes en papier et lingettes humides
- Polystyrène dans les boîtes en carton



VERRE CREUX



DÉCHETS ACCEPTÉS :

- Bouteilles en verre (vides et sans bouchon)
- Récipients en verre (vides et sans couvercle)
- Bocaux en verre



DÉCHETS NON ACCEPTÉS :

- Porcelaine
- Céramique
- Fenêtres
- Miroirs
- Ampoules
- Lampes



DÉCHETS ORGANIQUES



DÉCHETS ACCEPTÉS :

- Déchets de cuisine
- Restes de repas crus et cuits
- Déchets de jardin
- Sacs en papier et papier journal (uniquement comme sac poubelle pour les déchets organiques)



DÉCHETS NON ACCEPTÉS :

- Graisses et huiles
- Cendres et charbon
- Balayures et sacs d'aspirateur
- Emballages plastiques
- Mégots de cigarettes
- Litière pour chats
- Serviettes et mouchoirs en papier
- Couches bébé



DÉCHETS MÉNAGERS



DÉCHETS ACCEPTÉS :

- Tous les déchets qui ne peuvent pas être collectés séparément et qui ne sont pas recyclables



DÉCHETS NON ACCEPTÉS :

- Déchets recyclables (papier, carton, verre, biodéchets, bois, etc.)
- Déchets électriques et électroniques
- Déchets de construction
- Déchets dangereux (bouteilles de gaz, médicaments, peintures, piles, etc.)



Nos centres de ressources pour prolonger votre effort de tri :

43, Fridhaff,
L-9379 Diekirch
Tel.: 80 89 83 38

Mierscherberg,
L-7526 Mersch
Tel.: 32 01 92

Rue de Niederpallen,
L-8506 Redange
Tel.: 26 62 09 13

4, op der Bréimicht,
L-9779 Lentzweiler
Tel.: 26 91 40 09



Suivez-nous pour
découvrir nos services
et activités !

SERVICE TECHNIQUE

OPRUF RAPPEL

LU Mir wëllen lech drun erënneren, dass et strikt verbueden ass, Objeten vun den Aussichtsplazen an de Wanderweeër an den Dall bei d'Haiser ze geheien. Leider ass et an der leschter Zäit ëfters geschitt, datt Haiser a Fënsteren duerch erofgeworfe Steng beschiedegt gi sinn. Et ass ee Gléck, datt nach kengem Mënsch bei esou enger Aktioun eppes geschitt ass.

Wann Dir esou ee Virfall beobachte sollt oder gesinn hutt, datt Steng oder aner Objeten an den Dall geworf ginn, zéckt net an informéiert direkt d'Police.

FR Nous rappelons qu'il est strictement interdit de jeter des objets depuis les points de vue et les sentiers de randonnée vers les maisons de la vallée. Malheureusement, ces derniers temps, il arrive fréquemment que des maisons et des fenêtres soient endommagées par des jets de pierres et on peut considérer comme une chance qu'aucune personne n'ait encore été blessée. Si vous voyez quelqu'un en train de jeter des pierres ou d'autres objets dans la vallée, veuillez en informer immédiatement la police.



INSTALLATIOUN VUN ENGEM LIFT AN DER FIELSER SCHOUL

LU Mat Ausnam vun e puer Fassadearbechte sinn d'Bauaarbechte fir de neie Lift an der Fielser Schoul esou gutt wéi ofgeschloss.

De Lift gouf fir d'Schoulrentrée 2025/2026 a Betrib geholl.

Am Kader vun dësem Projet gouf och dat ganz Trapenhaus un déi aktuell Normen a Virschreften ugepasst. Dozou gehéieren d'Montéiere respektiv d'Upasse vun de Gelänneren, d'Erneierung vun de Brandschutzdieren esouwéi d'Konformsetzung un d'Bestëmmunge vum Gesetz vum 7. Januar 2022 iwwert d'Accessibilitéit fir all Persoun zu allen ëffentleche Raim, op ëffentleche Weeër an a kollektiv Wunngebaier.

FR À part quelques travaux de façade, les travaux de construction d'un ascenseur à l'école fondamentale de Larochette, sont quasi terminés. L'ascenseur était mis en service pour la rentrée scolaire 2025/2026. Dans le cadre de ce projet, il a été également procédé à une mise en conformité de l'entière cage d'escalier qui comprenait l'ajout et l'adaptation de mains courantes, le renouvellement de portes coupe-feu ainsi que la mise en conformité des prescriptions concernant la loi du 7 janvier 2022 portant sur l'accessibilité à tous des lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs.



Liftkabinn um 2. Stack
Cage d'ascenseur au 2ième étage



Dat renovéiert Trapenhaus
Cage d'escalier remise en état

BUSINESSRUN

LU Wéi an de leschte Joren huet d'Equipe vun der Fielscher Gemeng zesumme mat méi wéi 8.000 anere LEEFER*innen aus 450 Firmen oder Administratiounen, och dëst Joer um « BusinessRun » deelgeholl. D'Initiativ vun de "BusinessRun-Heroes" gouf am Kader vum Luxembourg Times BusinessRun erstallt, fir eng Plattform ronderëm d'Thema Charité (Wohltätigkeit) ze bidden. Fir all Aschreiwung ginn 2 € un d'Fondatioun Cancer gespent.



FR Comme les années précédentes, l'équipe de l'administration de la commune de Larochette a participé au « BusinessRun » avec plus de 8000 autres coureurs de 450 entreprises ou administrations. L'idée de BusinessRun-Heroes a été créée dans le cadre du Luxembourg Times BusinessRun afin d'offrir une plateforme autour du thème de la charité. Pour chaque inscription seront reversés 2 € à la fondation cancer.



GEMENGEWEE « AUF MAURENDT » CHEMIN VICINAL À MEYSEMBOURG

LU Am Laf vum November gouf de Gemengewee „Auf Maurendt“ tëscht dem CR118 (Fiels-Angelsberg) a Meesebuerg frësch gemaach.

FR Au cours du mois de novembre, a été remis en état le chemin vicinal au lieu-dit « Auf Maurendt » entre Meysembourg et le CR118 (Larochette-Angelsberg).



KOLLEKTOR AN DER MIEDERNACHERSTROOSS COLLECTEUR RUE DE MEDERNACH

LU Wéinst besonnesch schwéieren Aarbechtsbedéngunge war dëse Chantier e bëssen am Retard. Mir si frou, datt d'Aarbechten fir de neie Kollektor an der Waasserleitung an der Miedernacherstrooss elo endlech fäerdeg sinn.

FR Suite à des conditions particulièrement difficiles, le chantier a pris un peu de retard, or nous sommes heureux que les travaux de la construction d'un nouveau collecteur et d'une conduite d'eau potable dans la Rue de Medernach soient enfin terminés.



*Bléck op en Ofschnëtt vum Chantier
Vue d'un tronçon du chantier*



Blindage vum Gruef ("Grabenverbau") fir ee séchert Schaffen ze garantéieren

Blindage lourd en place afin de permettre un travail en sécurité



Ënnerierdesch Reseauen

Réseaux souterrains

PHOTOVOLTAIKINSTALLATIOUN INSTALLATION PHOTOVOLTAÏQUE

LU Am Summer goufen um Dach vun der Fielser Schoul Solarplacken installéiert. Dës Installatioun ass elo a Betrib.

Mat enger Leeschtung vu ronn 30 KW produzéieren si esou eng grouss Partie vun der néideger Stromversuergung fir d'Schoul. Eis Gemeng dréit domat zur Produktioun vun erneierbarer Energien op eisem Territoire bäi.

FR Les panneaux solaires ont été installés sur la toiture de l'école fondamentale pendant l'été. Cette installation est maintenant en service.

Avec une puissance d'environ 30 kWp, une grande partie de l'électricité nécessaire de l'école est produite et la commune contribue ainsi à la production d'énergie renouvelable sur son territoire.



**ERFOLGREICHE TEILNAHME AN WEITERBILDUN-
GEN FÜR DEN KOMMUNALEN NATURSCHUTZ
PARTICIPATION RÉUSSIE À DES FORMATIONS
CONTINUES POUR LA PROTECTION DE LA NATURE
AU NIVEAU COMMUNALE**

DE Über das Jahr hinweg organisierte der Natur- & Geopark Mëllerdall eine Weiterbildungsreihe für das Gemeindepersonal der Mitgliedsgemeinden. Die Themen der einzelnen Kurse orientierten sich am Maßnahmenkatalog des Naturpakts und boten den Mitarbeiter:innen eine praktische Unterstützung bei der Umsetzung der Maßnahmen im Gemeindegebiet. Darüber hinaus wird auch die Teilnahme an externen Schulungen zu Themen wie Natur- und Wasserschutz im Rahmen des Naturpakts positiv bewertet.

Im Februar, vor Beginn der Flugaktivität der Insekten, stand in Beaufort das richtige Befüllen eines Insektenhotels im Mittelpunkt. Solche Nisthilfen können helfen, um verschiedene Insektenarten zu fördern. Man sollte allerdings bei gekauften Insektenhotels aufpassen: viele erfüllen nicht ihren Zweck, da sie mit falschen Materialien gefüllt sind. Wie man eine Wildbienenstille artgerecht baut und mit welchen Materialien sie befüllt werden soll, war der Schwerpunkt der ersten

NaturPakt

Meng Gemeng engagiert sech



Weiterbildungen. Neben geeigneten Materialien muss man auch auf den richtigen Standort achten.

Im März stand die Weiterbildung im Zeichen des Trinkwassers und der Geologie. Die Gemeinden des Natur- & Geoparks sind trinkwasserautark, d.h. dass die Wasserversorgung größtenteils aus gemeindeeigenen Quellen und Bohrungen stammt. Unser Trinkwasser ist eine lebensnotwendige Ressource, die vor allem in Zeiten des Klimawandels geschützt werden muss. In einem theoretischen Teil wurde die Funktionsweise der Trinkwasserversorgung und deren Zusammenhang mit der Geologie erklärt. Während einem praktischen Teil wurde das interkommunale Trinkwassernetz FiLaNo besichtigt. Dabei wurden die notwendigen Erklärungen von der Gemeinde Larochette gegeben.



Im April, noch vor Beginn der Mahd-Saison, standen in Schoos die Feldwege und ihre Raine im Mittelpunkt. Bunte Feldwegränder werden immer seltener. Dies liegt meistens an einer zu frühen Mahd, wodurch sich die typischen Pflanzenarten nicht ausbilden können. Deren Rückgang wird aber auch durch die falsche Mahd-Technik gefördert. Während dieser Weiterbildung wurde gezeigt, wie wichtig eine extensive Bewirtschaftung der Feldwege ist, damit sie auch ihre ökologischen Funktionen erfüllen können.

Im Juni beginnen naturnahe Blumenwiese in ihren schönsten Farben zu blühen. In solchen Flächen wird ein natürliches Wachstum zugelassen. Nichtsdestotrotz benötigen sie eine gewisse Pflege, auch bei der Verwendung von einheimischen und mehrjährigen Wildpflanzen. Manchmal schleichen sich ungewollte Beikräuter in die Blumenmischungen, die die heimische Pflanzenwelt verdrängen. In diesem Kurs lag der Fokus auf der Identifikation und der Entfernung solcher Arten anhand von umweltschonenden Mahd-Techniken.

Im Oktober, mit dem Start der Heckenschnitt-Saison, wurde die Thematik eines ökologischen Heckenschnittes behandelt. Hecken erfüllen vielfältige Funktionen – sowohl aus landwirtschaftlicher als auch aus naturschutzfachlicher Sicht. Immer mehr Hecken befinden sich jedoch in einem schlechten Zustand, da sie falsch geschnitten werden und somit gehen auch ihre ökologischen Funktionen verloren. Hecken sollen nicht zu oft geschnitten werden. Mit der richtigen Schnitttechnik können sie lange erhalten bleiben.

Zum Abschluss der Weiterbildungsreihe, fand im November ein Kurs zur Bekämpfung von Misteln in Streuobstbeständen statt. Streuobstwiesen sind wichtige Elemente unserer Kulturlandschaft, demnach ist ihr Erhalt nicht nur aus naturschutzfachlicher Sicht relevant. Leider werden die Obstbäume, aber auch andere Bäume, zunehmend von Mistel bedroht. Eine saubere Mistelbekämpfung gehört zu einer fachgerechten Baumpflege dazu und trägt dazu bei, die Lebenserwartung eines Baumes zu erhöhen.

FR Tout au long de l'année, le Natur- & Geopark Möllerdall a organisé une série de formations continues pour le personnel communal des

communes membres. Les thèmes des différents cours étaient basés sur le catalogue des mesures du Pacte Nature et offraient aux employés un soutien pratique pour la mise en œuvre des mesures sur le territoire communal. De plus, la participation à des formations externes sur des sujets tels que la protection de la nature et de l'eau est également valorisée dans le cadre du Pacte Nature.

En février, avant le début de l'activité des insectes, l'accent a été mis à Beaufort sur le remplissage correct d'un hôtel à insectes. Ces abris peuvent contribuer à favoriser différentes espèces d'insectes. Il convient toutefois de faire attention aux hôtels à insectes achetés : beaucoup ne remplissent pas leur fonction, car ils sont remplis avec des matériaux inadaptés. La première formation a porté sur la manière de construire correctement un refuge pour abeilles sauvages et sur les matériaux appropriés à utiliser. Outre le choix des matériaux, il est également important de choisir le bon emplacement.

En mars, la formation a porté sur l'eau potable et la géologie. Les communes du Natur- & Geopark Möllerdall sont autonomes en matière d'eau potable, c'est-à-dire que l'approvisionnement provient principalement de sources et de forages communaux. Notre eau potable est une ressource vitale qu'il faut protéger, surtout en période de changement climatique. Dans la partie théorique, le fonctionnement de l'approvisionnement en eau potable et son lien avec la géologie ont été expliqués. Dans la partie pratique, le réseau intercommunal d'eau potable FiLaNo a été visité, avec les explications fournies par la commune de Larochette.

En avril, avant le début de la saison de fauche, l'attention s'est portée à Schoos sur les chemins de campagne et leurs accotements. Des bords colorés deviennent de plus en plus rares. Cela est généralement dû à une fauche trop tôt, empêchant le développement des espèces végétales typiques. Leur déclin est également favorisé par des techniques de fauche incorrectes. Cette formation a montré l'importance d'une gestion extensive des chemins de campagne afin qu'ils puissent remplir leurs fonctions écologiques.

En juin, les prairies fleuries naturelles commencent à fleurir dans leurs plus belles couleurs. Sur ces

surfaces, la croissance naturelle est favorisée. Néanmoins, elles nécessitent un certain entretien, même lorsqu'elles sont composées de plantes sauvages locales et vivaces. Parfois, des mauvaises herbes indésirables s'introduisent dans les mélanges de fleurs, ce qui peut réprimer la flore locale. Cette formation a porté sur l'identification et l'élimination de ces espèces à l'aide de techniques de fauche respectueuses de l'environnement.

En octobre, avec le début de la saison de taille des haies, la question de la taille écologique des haies a été abordée. Les haies remplissent de nombreuses fonctions, tant du point de vue agricole qu'en matière de protection de la nature. Cependant, de plus en plus de haies se trouvent dans un mauvais état, car elles sont mal taillées, ce qui entraîne la perte de leurs fonctions écologiques. Les haies ne doivent pas être taillées trop souvent. Avec la bonne technique, elles peuvent être conservées longtemps.

Pour clore la série de formations, un cours sur la lutte contre le gui dans les vergers a eu lieu en novembre. Les vergers extensifs sont des éléments importants de notre paysage culturel et leur préservation est donc pertinente non seulement du point de vue de la protection de la nature.




Malheureusement, les arbres fruitiers, mais aussi d'autres arbres, sont de plus en plus menacés par le gui. Une lutte propre contre le gui fait partie d'un entretien arboricole approprié et contribue à augmenter l'espérance de vie des arbres.



REEBASSIN ZU IERENZ BASSIN D'ORAGE À ERNZEN

LU De Chantier fir de Bau vum Reebassin zu Ierenz geet weider mat den Aarbechte fir Verschalung an dem Betonéieren.

Allerdéngs goufen d'Erneierungsarbechten vum Kanalisatiounssystem an de Waasserleitungen an der Fielser Strooss wéinst engem Baustopp duerch d'ITM verzögert. D'Firma huet d'Aarbechtsphasen doropshin ugepasst. Mir sinn zouversichtlech, datt et trotz den Ëmstänn ronderëm d'Aarbechten un de Leitunge keng gréisser Verzögerunge bei der Gesamtdauer vum Chantier gëtt.



Verstärkung vun der Buedemplack virum Betonéieren

Ferrailage du radier avant bétonnage

FR Le chantier de la construction du bassin d'orage à Ernzen avance par les travaux de coffrage et de bétonnage de l'ouvrage. Les travaux du renouvellement des canalisations et de la conduite d'eau dans la rue de Larochette ont cependant pris du retard suite à un arrêt des travaux par l'ITM.

L'entreprise a adapté les phases de travail et nous sommes convaincus que, malgré les circonstances liées aux travaux sur les conduites, la durée totale du chantier ne devrait pas subir de retards importants.





Gemeng Fiels

AVIS AU PUBLIC VENTE DE BOIS DE CHAUFFAGE POUR L'ANNÉE 2026

L'administration communale de Larochette en collaboration avec l'administration de la nature et des forêts informe ses habitants que dorénavant le bois de chauffage issu des forêts communales sera vendu jusqu'à épuisement du stock au prix et aux modalités suivantes :

- Bois de chauffage (hêtre ou chêne) fendu et découpé en bloc d'un mètre :
80 €/ stère **(TVA de 8% non comprise)**
- Petits bois non-façonnés provenant des nettoiemnts de rémanents de coupes :
15 €/ stère **(TVA de 8% non comprise)**

Le bois vendu est frais et ne pourra pas être utilisé avant séchage.

Après concertation avec le préposé forestier, le bois sera à retirer le long d'un chemin carrossable. Le bois est destiné au propre usage et la quantité maximale par ménage est de 5 stères.

Pour plus d'informations veuillez contacter le préposé forestier Monsieur Olivier Molitor
+ 352 621 202 134.

Pour la commande, prière d'utiliser le formulaire ci-dessous et de le renvoyer à l'administration communale. La commande devra se faire pour le **13 février 2026** au plus tard. Le préposé forestier vous contactera afin de convenir de la date et du lieu de retrait.

Formulaire de commande

Nom Prénom	
Adresse	
GSM	

souhaite commander :

___ stère(s)	de bois de chauffage (hêtre ou chêne)
___ stère(s)	de petits bois non-façonnés

Larochette, le _____ Signature : _____

A renvoyer ou à remettre pour au plus tard le **13 février 2026** à l'administration communale de Larochette, 33, chemin J.A. Zinnen, L-7626 Larochette.



Gemeng Fiels



Gemeng Fiels



MATDEELUNG UN D'AWUNNER VERKAF VU BRENNHOLZ FIR D'JOER 2026

D'Fielser Gemengeverwaltung an Zesummenaarbecht mat der Naturverwaltung deelt hiren Awunner mat, datt Brennholz aus de Gemengebëscher zu folgende Präisser a Bedéngungen verkaf gëtt:

- Brennholz (Bichen oder Eechenholz) gerass a geschnidden : 80,00€ / Ster (+ 8% TVA)
- Offäll vun de Krounen : 15,00€ / Ster (+ 8% TVA)

D'Holz, dat verkaaft gëtt, ass frësch an muss nach dréchnen.

No Récksprooch mam Fierschter, kann d'Holz op enger befuerbarer Plaz ofgeholl ginn.

D'Holz ass fir den eegene Bedarf an déi maximal Quantitéit pro Stot sinn 5 Ster.

Fir méi Informatiounen, kontaktéiert w.e.g. de Fierschter Olivier Molitor + 352 621 202 134.

Fir ze bestellen, benotzt w.e.g. de Formulaire a schéckt en eis erëm. D'Bestellung muss bis spéitstens den **13. Februar 2026** gemaach ginn. De Fierschter kontaktéiert lech uschléissend fir den Datum an d'Plaz vum Ofhuelen ze bestëmmen.

Bestellformulaire

Numm Virunumm	
Adresse	
GSM	

bestellen heimat :

___ Ster	Brennholz (Bichen- oder Eechenholz)
___ Ster	Offäll vun de Krounen

Fiels, den _____ Ënnerschrëft : _____

Dëse Formulaire ass fir bis spéitstens den **13. Februar 2026** bei der Gemengeverwaltung (33, Chemin J.A. Zinnen L-7626 Fiels) zréckzeschécken oder ofzeginn.

www.larochette.lu

NEIE SANITÄR AN DER FIELSER SCHOUL BLOC SANITAIRES RDC ÉCOLE

LU Während der Sommervakanz hu mir d'Toiletten um Rez-de-Chaussée an der Fielser Schoul komplett renovéiert. Ersat goufen d'Réier, de Kablage, d'Elektrescht, d'Chappe an d'Plättercher esou wéi d'Toiletten an d'Pissoiren.

FR Pendant les vacances scolaires d'été, nous avons procédé à l'assainissement complet d'un bloc sanitaire à l'école fondamentale. L'assainissement comprenait le renouvellement des conduites, des canalisations, des réseaux d'électricité, des chapes et du carrelage ainsi que des nouvelles installations sanitaires.



EE «SAFETYCADDY MOBILE» FIR MÉI SÉCHERHEET BEI EISE EVENEMENTER UN “SAFETYCADDY MOBILE” POUR RENFORCER LA SÉCURITÉ LORS DE NOS ÉVÉNEMENTS

LU Fir de Confort an de Schutz vun alle Leit ze garantéieren, huet d’Gemeng elo e SafetyCaddy kaaft, e modernen Apparat, deem einfach bei allen Evenementer an eisen ëffentleche Raim agesat ka ginn. De SafetyCaddy gouf entwéckelt, fir eng séier an effizient Reaktioun am Fall vun engem Tëscheffall ze erméiglechen.

Hien kombinéiert Éischt-Hëllef-Mëttel a präventiv Ausrüstung an enger eenzeger mobiler Eenheet. Well hien esou mobil ass, kann hien no bei de Leit installéiert ginn a fir d’Bedierfnesser vun all Evenement ugepasst ginn. Iwwert de Sécherheetsaspekt eraus zielt dëst Gerät och dozou, d’Awunner ze berouegen an eng nach méi berouegend Atmosphär bei eise Versammlungen ze schafen: Mäert, Wanter-Evenementer, lokal Festivitéiten, sportlech oder kulturell Aktivitéiten.

De SafetyCaddy entsprécht vollstänneg dem Wonsch vun der Gemeng, d’Qualitéit vun hiren Evenementer kontinuéierlech ze verbesseren an eng sichtbar präventiv Präsenz ze garantéieren. Duerch d’Aféierung vun dëser neier Ausrüstung bestätegt d’Fielser Gemeng nach eng Kéier hiert Engagement fir eng zougängelech, einfach an effektiv Sécherheet fir eis all.

Ausrüstung:

- Feierläscher
- Feierdecken
- Éischt-Hëllef-Këscht
- Täschenluucht
- Rettungswest
- Feierläscher-Schëld

FR Soucieuse d’assurer le confort et la protection de tous, la commune se dote désormais d’un SafetyCaddy, un dispositif moderne et facilement déployable lors de chaque évènement organisé dans nos espaces publics ouverts. Il est conçu pour apporter une réponse rapide et efficace en cas d’incident.

Il regroupe, en un seul point mobile, du matériel de premiers secours et des équipements préventifs. Grâce à sa mobilité, il peut être installé au plus près du public et s’adapter aux besoins de chaque manifestation. Au-delà de l’aspect sécuritaire, ce dispositif vise également à rassurer les habitants et à créer un environnement encore plus serein lors de nos rassemblements : marchés, animations hivernales, fêtes locales, activités sportives ou culturelles.

Le SafetyCaddy s’inscrit pleinement dans la volonté de la commune d’améliorer en continu la qualité de ses événements et d’assurer une présence préventive visible. En adoptant ce nouvel équipement, la commune réaffirme son engagement pour une sécurité accessible, simple et efficace, au service de tous.

Matériel :

- Extincteurs
- Couverture anti feu
- Trousse de premiers secours
- Megaphone
- Lampe torche
- Gilet
- Panneau extincteur



ADY'S
HYGIENE

X



LAROCHETTE

Gemeng 1163

GRATIS POUBELLEBOTZ AN DER FIELS

Profitéiert vum Service vun der Gemeng: Loosst d'Dreckskëschten nodeems se eidel gemaach goufen einfach dobausse stoen - mir këmmere eis ëm d'Propper maachen!

⚠ Wichteg: d'Poubellë mussen eidel sinn!

AB 2026

05.02 Glas Kiwwelen



07.02 Hausmüll- an d'Bio Kiwwelen



04.04 Hausmüll- an d'Bio Kiwwelen



30.04 Glas Kiwwelen



13.06 Hausmüll- an d'Bio Kiwwelen



23.07 Glas Kiwwelen



08.08 Hausmüll- an d'Bio Kiwwelen



15.10 Glas Kiwwelen



17.10 Hausmüll- an d'Bio Kiwwelen



12.12 Glas- an d'Bio Kiwwelen



VIE COMMUNALE

SERVICE FORESTIER RETTUNGSPUNKTE IM WALD POINTS DE SECOURS EN FORÊT

DE Ein Unfall oder ein medizinischer Notfall kann auch im Wald passieren – sei es bei einem Spaziergang, Radfahren oder bei der Waldarbeit. Doch mitten im Wald ist es oft schwierig, den genauen Standort für die Rettungsdienste zu beschreiben. Genau dafür wurden nun Rettungspunkte in der Gemeinde installiert.

Was sind Rettungspunkte?

Rettungspunkte sind fest definierte Standorte im Wald, die jeweils mit einer eindeutigen Kennnummer versehen sind. Die Kennnummer besteht aus zwei Buchstaben, die gemeindespezifisch sind – zum Beispiel FI für die Gemeinde Fischbach – gefolgt von drei Ziffern, etwa LA-007.

Die Punkte wurden in Zusammenarbeit mit der Naturverwaltung (ANF) und dem CGDIS festgelegt. Sie befinden sich meist an Kreuzungen von Waldwegen, bei Aussichtspunkten oder beim Start von Wanderwegen und dienen als Orientierungspunkte für Feuerwehr, Polizei und Rettungswagen.

Alle Rettungspunkte können auch im Geoportal unter dem Thema Tourismus in der Rubrik Erste Hilfe eingesehen werden.

Wie funktionieren die Rettungspunkte im Notfall?

Wenn Sie im Wald Hilfe benötigen:

1. Bewahren Sie Ruhe und begeben Sie sich – wenn möglich – zu einem Rettungspunkt in der Nähe.
2. Merken oder notieren Sie sich die Nummer auf dem Schild (z. B. LA-007).

3. Rufen Sie den Notruf 112 an.
4. Teilen Sie dem Rettungsdienst die Nummer des Rettungspunkts mit.

So wissen die Rettungskräfte sofort, wo Sie sich befinden, und können gezielt Hilfe schicken.

Auch wenn Sie sich nicht direkt an einem Rettungspunkt befinden, hilft es den Rettungsdiensten, wenn Sie den nächstgelegenen Punkt oder den Weg dorthin beschreiben können.

Sicher unterwegs im Gemeindewald

Achten Sie bei Ihrem nächsten Spaziergang oder Ihrer Radtour einmal bewusst auf diese Schilder – so wissen Sie im Ernstfall welcher Rettungspunkt bei Ihnen in der Nähe ist.

Wir bedanken uns bei allen, die dazu beitragen, unsere Wälder sicher zu gestalten, und wünscht allen Waldbesucherinnen und Waldbesuchern schöne und sichere Stunden in der Natur!

FR Un accident ou une urgence médicale peut également survenir en forêt – lors d'une promenade, d'une sortie à vélo ou de travaux forestiers. Mais en pleine nature, il est souvent difficile de décrire précisément sa position aux services de secours. C'est pour remédier à cela que des points de secours ont été installés dans la commune.

Qu'est-ce qu'un point de secours ?

Les points de secours sont des emplacements définis en forêt, chacun identifié par un numéro unique. Ce numéro se compose de deux lettres propres à la commune – par exemple FI pour la commune de Fischbach – suivies de trois chiffres, comme LA-007.

Les emplacements ont été déterminés en collaboration avec l'Administration de la Nature et des Forêts (ANF) et le CGDIS. Ils se trouvent généralement à des croisements de chemins forestiers, à des points de vue ou au départ de sentiers de randonnée, et servent de repères pour les pompiers, la police et les services d'ambulance.

Tous les points de secours peuvent également être consultés sur le Géoportail, sous le thème Tourisme, rubrique Premier secours.

Comment fonctionnent les points de secours en cas d'urgence ?

Si vous avez besoin d'aide en forêt :


1. Gardez votre calme et rendez-vous – si possible – au point de secours le plus proche.
2. Retenez ou notez le numéro indiqué sur le panneau (p. ex. LA-007).
3. Appelez le numéro d'urgence 112.
4. Communiquez au service de secours le numéro du point de secours.

Les secours savent ainsi immédiatement où vous vous trouvez et peuvent intervenir rapidement. Même si vous ne vous trouvez pas directement à un point de secours, il est utile d'indiquer le plus proche ou d'expliquer comment y accéder.

Se déplacer en toute sécurité dans la forêt communale

Lors de votre prochaine promenade ou sortie à vélo, prêtez attention à ces panneaux : en cas d'urgence, vous saurez quel point de secours se trouve à proximité.

Nous remercions toutes les personnes qui contribuent à rendre nos forêts plus sûres et souhaitons à toutes les visiteuses et tous les visiteurs de la forêt de beaux moments en pleine nature, en toute sécurité !





INFORMATIOWSOWEND DEN 23. OKTOBER AM CENTRE CULTUREL

Am Kader vun der Iddi, beim Fielser Football Terrain een „Sport-a Funktionsgebai“ ze errichten, huet de Schäfferot den 23. Oktober op een Informatiowsowend an de Centre culturel agelueden. An Zesummenaarbecht mat den gap_architects ass den Ufanks-Projet virgestallt ginn. Nach ass näischt Definitives geplangt, mee d'Grondiddi ass di heiten: di nei Gebailechkeet soll een Uert vun der Begéinung, dem Austausch an der Gemeinschaft ginn, dobäi multifunktionell an awer och getrennt benotzbar a selbstverständlech och nohalteg gebaut sinn a sech natierlech och an d'Natur afügen. D'Gebai soll als Erweiterung fir d'Buvette fir de Fussballveräin an och fir d'Freizeitnutzung vun allen Awunner vun der Gemeng déngen. D'Gemengeresponsabel leeë grouse Wäert op Biergerbedeelegung well dat neit Gebai natierlech hire Bedierfnesser Rechnung droe soll. No der Präsentatioun konnten d'Leit hir Froe stellen. Als Ofschluss huet d'Gemeng op ee Patt invitéiert.



JOURNÉES EUROPÉENNES DU PATRIMOINE

Text: Paul Ewen

Larochette a été cette année l'hôte de plusieurs visites guidées durant les Journées européennes du Patrimoine et ceci pour sept différents objets.

Les visites ont portées sur le Manoir Heuardt de Roebé Schramm, la maison du Dr Dasbourg (thème : l'histoire de l'administration et de la politique du bourg de Larochette), les trois réalisations de l'architecte d'Etat Monsieur Charles Arendt à l'occasion de son 200ème anniversaire (l'église St Donat, l'ancienne Mairie et la Croix de Justice), LES châteaux de Meysembourg (oui, deux selon les dernières découvertes archéologiques), ainsi que sur le chateau de Larochette sous forme d'une balade nocturne.

Les visites ont été planifiées et effectuées par Monsieur Ewen Paul, Monsieur Thomas Lutgen, Monsieur Daniel Giorgetti et Monsieur Marc Schoellen, ainsi que par le CML et les guides de l'ORT Mëllerdall pour la Balade nocturne au château.



European Heritage Days

Journées européennes
du patrimoine

EVENEMENTER OP DER BUERG AN DER SAISON 2025

Text: Paul Ewen

Dëss Saison goufen et erëm eng ganz Rei vun Manifestatiounen, Expositionen an Concerten op der Fielser Buerg.

De CML, zesummen mat Kënschtler an verschidden Asbl'en hunn desen faarwegen Programme opgestallt. Et waren desst « Kongscht um Fiels » vum 29.06. bis 13.07. Do goufen Wierker vun ëm déi 30 ausgewielten zäitgenösseschen Kënschtler gewisen.

Mer haten während der Ausstellung och e Concert vun den « HOT CELLO PEPPERS », an zwar de 5. Juli. Dësst ass eng Formatioun vun jonken Cellisten aus dem Conservatoire du Nord ënnert der Leedung vum Raju Vidali.

De 26. Juli haten mer wéi all Joër d'Harmonie de Herleving fir e Concert op Besuch.

Vum 31. August bis den 14. September war dun déi traditionnel Art & Photo-Weeks um Programme (Org. : L'Art-Rochette Bis, zesummen mam CML).

Eng Balade nocturne gouf direkt e puer mol proposéiert zwëschent dem 19. an 28. September, zesummen mat de Guiden vum ORT Mëllerdall.

Déi schons international bekannten Musikerin Jeska Onderwater & Band hunn den 20. September owes e live Concert gespillt.

Zum Schluss vun der Saison, den 30. an 31. Oktober goufen dunn nach eng Inzinéierung proposéiert vun der Groupe Olive de Lux. Sie hunn och fräiwëlleg Statisten mat u Bord geholl an d'Kanner hunn d'Trauliichter geschnëtzt vir desen Event « Le château des frissons ».



DAG VUM BAM 2025 ZU BECH

Photos: Marc Mersch

Den Dag vum Bam ass eng national Ëmweltaktioun, déi besonnesch drop ausgeriicht ass, d'Leit fir d'Wichtigkeet vun de Beem, de Bëscher an déi biologesch Diversitéit ze sensibiliséieren. Et geet also net just ëm eng symbolesch Aktioun, mee ëm reell Naturschutzarbechten, dacks mat Kanner a jonke Leit.

All Joer ginn um Dag vum Bam am Natur- & Geopark Mëllerdall Beem geplanzt, déi symbolesch fir eis Membersgemengen an den Zesammenhalt als Natur- & Geopark Mëllerdall stinn. D'Aktioun fënnt all Joer an enger anerer Membersgemeng statt. Dëst Joer war dat an der Gemeng Bech.

Folgend Gemenge gehéieren zum Natur- & Geopark Mëllerdall: Beefort, Bech, Bäerdref, Konsdref, Iechternach, Fëschbech, Hiefenech, d'Fiels, Noumer, Rouspert-Mompech a Waldbëlleg.



REUNION VUN DE SCHÄFFERÉIT AUS DEN MËLLERDALL-GEMENGEN ZU STEENEM

De Freideg, 31. Oktober, huet den 2. Schäfferotstreff vun de Gemengen aus dem Mëllerdall zu Steenem stattfonnt.

Verschiede Sujete goufen diskutéiert mat Schwéierpunkt Resilienz a Mobilitéit.

Konstruktiven Austausch mat de Kollegen aus de Schäfferéit aus dem Mëllerdall fir eis Region zesummen no vir ze bréngen



D'WIEL VUN DEN ELTEREVERTRIEDER AN DER FIELSER SCHOUL

Den 28. Oktober 2025 huet am Centre culturel an der Fielser d'Wiel vun den Elterevertrieder stattfonnt. D'Elterevertrieder hunn eng wichteg Roll am Liewe vun der Schoul. Si:

- lauschteren op d'Uleies vun den Elteren, déi sech mat Froen oder Iddien un si wenden,
- informéieren déi aner Elteren iwwer Aktivitéiten a Projeten, un deene si deelhuefen,
- treffen sech reegelméisseg mam Comité d'École a schaffen um Plan de réussite scolaire (PRS) mat,
- maachen Virschléi fir d'Organisatioun an de Schoulalldag,
- an organiséieren Manifestatiounen, déi d'Schoul-Gemeinschaft stäerken.

Bei dëser Geleeënheet si véier Kandidaturen bei d'Presidentin vum Schoul-Komitee, der Mme Ana Ribeiro, agaangen – an all véier Persoune goufen och duerch d'Eltere gewielt, déi dëst Joer de Wee an de Centre culturel fonnt hunn.

Gewielt goufen:

- KELLEN Nora
- DE MELO FERNANDES MONTEIRO Neia
- MARTINS Diana
- SCHMIT ép. FORETTE Véronique

Déi véier Dammen iwwerhuelen ee Mandat vun dräi Joer a wäerten an dëser Zäit d'Stëmm vun den Elteren an der Fielser Schoul verrieden.

D'Madamm Martins an d'Madamm Schmit sinn dann och Member an der Schoulkommissioun.



DE MINISTÈRE OP DER VISITE BEIM PROJET ALPHA

Déi national Elterevertrieder, begleet vun der Madamm Francine Vansholst (MENJE), der Madamm Lynn Lagodny (MENJE), dem Här Luc Weis (SCRIPT) an dem Här Alain Reeff (Directeur DIR12) ware fir eng Visite vun de Klassen am Kader vum Projet ALPHA an der Fielser Schoul. Dës Visite huet den 8. Oktober 2025 stattfonnt.



CYCLE 4

De Cycle 4.2 trainéiert fir d'First Lego League.

- D'Kanner aus dem Cycle 4 hu fir Halloween Grujelkürbissen geschnätzt.
- De Cycle 4.2 huet säi Sportsdag am Bësch gemaach an ass zu Fouss vun Haler op Berdrëf getrëppelt.
- Den Dag vun der Canicule (02.07.25) ass de Cycle 4 an de Bësch bei d'Meesebuerger Schlass gengan an huet vum Schied an dem kille Baachwaasser profitéiert.
- De 27. Juni 2025 war d'Liesnuecht vum Cycle 4. D'Kanner hunn an der Jugendherberg giess a geschlof an owes en Theaterstéck opgefouert.
- Mir soen der Gemeng e grouse Merci dat si eis dat erméiglecht hunn.
- Den 13. Juni huet d'Coupe scolaire op de Fielser Stroossen stattfonnt. Mir soen der Elterenvereenegung, den Agents municipaux an der Gemeng e grouse Merci fir hir Hëllef op dem Dag.





FIRST LEGO LEAGUE LUXEMBOURG



D'FIRST LEGO League Challenge ass eng kompetitiv Aktivitéit fir Schüler tëschent 9 a 16 Joer, déi am Team ee Lego-Roboter bauen a programméieren, fir Missiounen am Robot Game (am Roboterspill) ze léisen. All Joer gëtt eng nei wëssenschaftlech Aufgab (een "Challenge") gestallt, wou d'Schüler hir technesch a wëssenschaftlech Kompetenzen a kritescht a logescht Denken weider entwéckelen. Thema vun dëser Saison ass "UNEARTHED" a behandelt d'Themen Archeologie an alles wat mat dem Buedem ze dinn huet.

D'Competition ëmfasst zwee Haaptdeeler: de Robot Game an d'Presentatioun vum Innovatiounsprojet. Déi nächst Ausgab fënnt vum 24. bis 26. Februar am Forum Geesseknäppchen statt an ass als Qualifikatioun-Competition ze gesinn. Am Ganzen si 96 Teams ugemellt a probéieren sech ënnert déi éischt 25 ze klasséieren, fir duerno kënnen an der nationaler Finall ungetrieden (déi ass op der YEP Foire am Abrëll). Déi bescht 3-5 lëtzebuurger Teams aus der Qualifikatioun-Competition am Februar kënnen an der Belsch géint déi 20 beschte belsch Equippen ungetrieden. Dësen Challenge ass am Mäerz.

D'Schüler an d'Schülerinnen aus dem Cycle 4.2 aus der Fiels huelen dëst Schouljoer mat hirer Joffer, dem Pascale Hoffmann un der Lego-Challenge deel. Säit Ufank vum Schouljoer sinn si schonns fläisseg derbäi, un hirem Projet ze schaffen. Mat hiren 9 Kanner hunn si e staarkt Team, wat souwuel am Programméieren souwéi am Innovatiounsprojet gutt ënnerwee ass.

Fir d'Kanner ze ënnerstëtzen an hinnen déi optimal Bedéngungen ze schafen, huet de Marco do Rego Coelho de Summer iwwe am Gemengenatelier ee groussen Dësch aus Holz gebaut no den Ufuerderunge vun der Competition.

Mir drécken hinne ganz fest d'Daimercher!



SCHLEEFEN MAM PÄERD

Am Fielser Gemengebësch schleefe mer all Joer an där enger oder anerer Parzell d' Holz mam Päerd, wann d' Dimensioun vum Holz dat zouléisst. Dëst Joer hu mer elo an der Parzell 14 „Ousterbësch“ en Douglas-Bestand duerchforst.

De Benoît Mathay huet sech där Saach mat sengem Päerd, dem Gamin, ugeholl. De Gamin ass elo 14 Joer al a weit ongeféier 750-800 kg. Am Prinzip kann e Päerd souvill Gewiicht un Holz zéie wéi et selwer weit, dat heescht an dësem Fall also ongeféier eng $\frac{3}{4}$ Tonn. Dat geet awer nëmme wann d' Konditiounen ideal sinn (et duerf net biergop goen, et duerf net ze vill Ennerwues an Äscht am Bestand dra leien asw). Besser ass et awer d' Päerd net u senger Belaaschtungsgrenz schaffen ze loossen, soss packt et den normalerweis 7 Stonnendag net, an di héich Belaaschtung ass och net gutt fir d' Gelenker.

Firwat schleefe mer mam Päerd? E Päerd ass natierlech vill méi wendeg wéi eng grouss Maschinn. E Päerd ass och vill méi liicht wéi eng Maschinn, an doduerch hu mer manner Buedemverdichtung, doduerch kann d' Päerd vun de Schneisen, déi fir de Schleeftrakter virgesinn a gezeechent sinn, erofgoen well et jo méi no bei de Bam muss fir en unzkrämpen. Punkto Ëmweltschutz mécht e Päerd natierlech souzesoe kee Kaméidi, an et entsti keng Ofgase duerch d' Verbrennen vu fossille Brennstoffer. Wann de Schleefert gutt oppasst, ass d' Gefor fir déi Beem di am Bestand stoe bleiwen, méi niddreg fir beschiedegt ze ginn. En Nodeel fir mam Päerd ze schleefen ass, datt et méi deier gëtt wéi mat der Maschinn. Ma mëttlerweil ginn héich Subsiden ausbezuelt wann ee mam Päerd schleeft fir dat ze kompenséieren. E Päerd packt natierlech nëmme eng begrenzten Déckt vu Beem fir ze schleefen. Ma wa mam Päerd geschleeft gëtt, entsteet och e positiven Androck bei de Leit wa mer am Bësch schaffen an Holz haen.

Moies den 26. September 2025 woren d' Conny Elsen mam Cycle 3.2 an de Mike Wenner matt sengem Cycle 4.1, eis dobäi iwuer d' Schëllere kucke komm. De selwechten Dag wor mëttes och d' Laure Nickels mat sengem Cycle 3.1 an de Claude Bock mam Cycle 4.2 an de Bësch komm.

Den 01. Oktober ass sech de Jeff Wohlfart dunn och matt sengem Cyclen 3.1 déi Aarbecht ukucke komm.

D' Kanner woren hellop begeeschtert fir dem Päerd beim Schaffen nozekucken.



ZUCH VUN DER DEMOKRATIE



Wat bedeit eigentlich "Zuch vun der Demokratie" ?

Ronderem de Weltkannerdäg organiséiert den Zentrum fir politesch Bildung an Zesummenaarbecht mam Kannermusée Plomm, der Chambre des Députés, der CFL an dem Luxtram, den "Zuch vun der Demokratie". Em déi 140 Kanner aus den Cyclen 3 an 4 aus verschiddenen Gemengen hun deen Däg d'Chance fir kënnen mat Députéierten iwwert hier Wësch, Virschléi an Idëen ze diskutéieren. D'Kanner stellen deen Ament och hier liewensgrouss, selwer gebastelten Députéierten vir.



An der Schoul hun déi 2 Klassen Thema "Kannerrechter" behandelt an sech jeweils op ee Recht geenegt, wat fir si dat Wichtigst ass. Doropshinn hun si sech Gedanken gemaach wat d'Politik kéint zu dem Recht verbessern oder änneren. D'Iddie'n goufen festgehalen an op de selwergestalteten Politiker gepecht. Och war et wichtig fir si dass si sech Gedanken driwwer gemeet hun waat SI selwer kéinten punkto Recht an hierem Emfeld maachen kéinten. Ganz vill flott Iddien sin hei entstaanen.

Den Däg vum 21.ten November hun déi 2 Klassen sech mam Bus, Zuch an Tram op de Wee an d'Chamber gemeet. Ennert dem Aarm natierlech hieren Politiker. An der Chamber ukomm, sin d'Klassen opgedeelt gin an kruuten een oder zwee Députéiert zougewisen. Am klengen Grupp, hun d'Kanner dem Députéierten hiert Uleies virgedroen. Zum Schluss huet all Klass sain Politiker virum groussen Grupp virgestallt an sou och d'Méiglechkeet kritt déi aner spannend Iddien ze héieren.





D'Kanner aus dem
Cycle 2.2
hu Virz gemaach.

Oktober 2025

MAISON RELAIS - GRUPPE KIEWERLEKEN (PRÉCOCE UND CYCLE 1)

Zirkusprojekt

Im Rahmen einer Kinderkonferenz haben die Kinder der Gruppe selbst über mögliche Themen abgestimmt – und mit großer Begeisterung den Zirkus gewählt! Dieses Projekt bot viele spannende Möglichkeiten, die Kreativität, Bewegung, Sprache und Fantasie der Kinder aufzugreifen und weiterzuentwickeln.

Die Kinder durften in verschiedene Zirkusrollen schlüpfen – als Akrobaten, Clowns, Zauberer, Tierdompteure oder Artisten – und so ihre eigenen Ideen einbringen. Neben Rollenspielen gab es kreative Bastelangebote, Bewegungsübungen, Musik etc.



Allerhellege Vakanz

In den Ferien haben wir gemeinsam viele spannende Abenteuer erlebt.

Im Wald durften wir auf Entdeckungstour gehen – wir haben bunte Blätter gesammelt, Tiere besucht und kleine Waldschätze gefunden. Die Kinder waren echte Naturforscher!

In der Turnhalle wartete dann unser Zirkusparcours auf uns. Mit viel Mut, Geschick und Spaß balancierten die Kinder über Seile, sprangen durch Reifen und zeigten ihr Können als kleine Artistinnen und Artisten.





MAISON RELAIS CYCLE 1- CYCLE 4 „ZESUMMEN AKTIV“

Im Rahmen des neuen Projektes „Zesammen aktiv“ bieten wir den Kindern vielfältige Bewegungs- und Erlebnismöglichkeiten. So findet aktuell auch eine Kooperation mit der Maison relais Angelsberg/Schoos statt, innerhalb derer wir u.a. dienstags im Wechsel der verschiedenen Altersgruppen (von Cycle1 bis Cycle 4) die Sporthalle Filano nutzen. Die Kinder dürfen selbst mitentscheiden, welche Sportart über ein paar Wochen erfolgt und sich bei Interesse anmelden.



BEWEEG DECH KOMMISSIOUN- PETANQUE TOURNOI

De 27. September huet d'Beweeg-Dech-Kommissioun an der Fiels hiert Pétanques-Tournéier organiséiert. Bei flottem Wieder an enger gemittlecher Ambiance hunn d'Ekkippen sech spannend Dueller geliwwert an hiert Geschéck gewisen. Et goufe vill laachend Gesiichter, knapp Partien an natierlech och e bësse Konkurrenzgefill – alles an allem en erfollegräichen a sportlechen Nomëtteg, deen d'Leit aus der Regioun op eng schéin Aart a Weis zesummebruecht huet.



RENTNERFEIER DEN 13. NOVEMBER AM CENTRE CULTUREL

Fotoen: Carolien Ruggenberg

D'Rentnerfeier an der Fiels fir d'Matbierger aus der Gemeng iwwer 65 Joer war och d'ëst Joer e grouse Succès. Et war eng wonnerbar Stëmmung, et gouf vill ge-laacht - an nach méi gedantzt! Fir déi richteg Musek an eng super Atmosphär huet de Rol Girres gesuert, deen och aus der Band "Trei Sei" bekannt ass.

Ee besonnesche Merci geet un d'Jugendlecher aus der Maison des Jeunes, déi mat vill Engagement an Energie beim Service gehollef hunn. Dank hinnen ass alles flott a professionell iwwer d'Bün gaangen.

D'Organisatioun vun der Soirée louch bei der Kommissioun vum Zesummeliewen, déi fir en härezechen an usprochsvolle Programm gesuert huet. Eng flott Feier, déi nach laang an Erënnerung bleift!





ROBERT KUZWELA PARVERBAND FIELS - PAR MËLLERDALL ST MICHEL 2004-2024

21 Joer laang war de Robert Kuzwela Mulanda, oder wéi mir hien all genannt hunn, de Père Robert, Paschtouer hei bei eis. Am Ufank am Parverband Fiels a elo an der haiteger Par Mëllerdall St Michel. An deene Joren ass vill geschitt a jiddereen huet hien op seng Aart a Weis kënne geléiert an erlieft. Hei e puer vu senge Charakterzich, déi mir an dësen 21 Joer kennen a schätze geléiert hunn. Hie war oppe fir aner Mënschen, hëllefsbereet, frëndlech, tolerant, empathesch, gentil, flexibel a ganz sproochebegaabt, konnt awer och kamëss-(exigent) a stuer sinn. Hien hat awer och nach vill aner Charakterzich, déi mir hei net all wëllen opzielen.

Fir eis Par war hien ee Priedeger, Brécke-Bauer, een Evangelium-Erklärer, een Nolauschterer, ee gudde Begleeder, ee Kranke-Besicher, een Opmonterer, ee Chauffeur an och een deen ni vergiess huet deene Leit Merci ze soen, déi hien a senger Aarbecht ënnerstëtzt hunn.

Vun hei aus wëlle mir als Par Mëllerdall St Michel, him nach eng Kéier Merci soen, fir déi vill Joren, déi hie bei eis als Paschtouer gewierkt huet. Vun elo un ass hien erëm a sengem Heemechtsland, dem Kongo, wou hie Couren an der ethescher Philosophie op der Universitéit zu Kinshasa gött.



90 JOER VUN DER MME MARIE ANNE FLAMMANG

90 Joer ass "d'Flammangs Maria" den 8. September ginn. Eigentlech wollt si dat guer net grouss feieren, mee huet et sech dann dach awer anescht iwverluet. Si kuckt op ee laangt a räicht Liewen zeréck, dat awer och ganz schwéier Zäiten hat. Trotzdeem huet si ni hiren Liewensmutt an hir gutt Laun verluer.

Si huet hiren Haushalt och mat Joer 90 am Grëff an ass bei alle Fester wéi der Kiermes oder dem Rentnerfest an der Fiels derbäi.

Hiren 90. Gebuertsdag huet d'Mme Flammang mat hirer Famill a Verrieder aus dem Schäfferot an der Fiels gefeiert. Eng ganz besonnesch Freed huet hir bereet, wéi de Buergermeeschter, hiren Enkel, si mat engem schéine Blummebouquet iwverrascht huet.



LA NUIT DU SPORT 2025 À LAROCLETTE

Le 14 juin, la Commission des Sports de Larochette, en collaboration avec les clubs locaux, a organisé la Nuit du Sport 2025, proposant de nombreuses activités pour tous. L'événement a rassemblé habitants, touristes et clubs locaux dans une ambiance sportive et conviviale.



#BAMCHALLENGE 2025

D'Gemeng Fiels huet mat vill Begeeschterung d'Bam-Challenge ugeholl an domat e kloert Zeeche fir eng méi gréng an nohalteg Zukunft gesat. Beim Challenge geet et dorëms, bannent 72 Stonnen nom Erhale vun enger Nominatioun ee Bam ze planzen an d'Aktioun duerno un déi nächst Persoun, Veräin oder Gemeng weiderzeginn.

Mat eiser motivéierter Equipe vun de Gemengenaarbechter hu mir een Äppelbam virun d'Gemeng an de Gaart gesat. Eise Buergermeeschter huet dunn d'Gemeng Fëschbech, d'Gemeng Waldbëlleg an d'Frënn vun de Fielser Pompjeeën als nächst erausgefuerdert, fir och si zu enger Planzaktioun z'animéieren.

Mat dëser symbolescher, awer wichteger Aktioun wëlle mir e kloert Engagement fir de Klimaschutz weisen an aner Gemenge motivéieren, hire Bäitrag zu enger lieweger an nohalteger Ëmwelt ze leeschten.

Mir soe vun Häerze Merci un all déi, déi mat ugepaakt hunn!



VIE ASSOCIATIVE

ÄR VERÄINER

Tous les textes et les photos sont publiés sous la responsabilité des associations respectives

AMIS DE LA FLEUR FIELS-IERNZEN

100 JOER AMIS DE LA FLEUR FIELS/IERNZEN ASBL

De Comité vun den Amis de la Fleur Fiels/Iernzen asbl hat d'Gemeng agelueden, fir zesumme mat hinnen den 10. November um Dag vum Bam hiren 100. Anniversaire mat enger Wanterlann-Uplanzung ofzeschléissen. D'Lann huet eng Éiereplaz am Haff vun der Gemeng kritt. Am Steen vun Gilsdrëf, geliwwert vun der Carrière Feidt vun Iernzen, steet d'Schrëft "Amis de la Fleur Fiels/Ernzen asbl 1925-2025" ze liesen. Déi ganz Feier ass bei engem gudden Patt a Schnittercher, offréiert vun den Amis de la Fleur, op en Enn gang.



HIERSCHTBLUMMEN-MAART AN DER FIELS DEN 18. OKTOBER

D'Amis de la Fleur Fiels/Iernzen hunn och d'ës Joer nees hiren traditionellen Hierschtblumme-Maart organiséiert. Vill Leit hunn d'Méiglechkeet genotzt, sech mat frësche Planzen a Blumme fir d'Hierschtzäit anzedecken. An enger frëndlecher Atmosphär konnt een sech mat de Membere vum Veräin austauschen, Tipps fir d'Gaardepfléeg kréien a bei Gegrilltem oder Kaffi a Kuch e puer flott Momenter verbréngen.

E grouse Merci un all déi, déi dobäi waren an eise Blumme-Maart erëm zu engem schéinen Erfolleg gemaach hunn!



TRADITIONNELLT HIERKEFEST

Am November huet de Comité vun den Amis de la Fleur Fiels/lernzen asbl hir Memberen op dat traditionellt Hierkefest invitéiert. Als 2. Menu goufen et Kniddele mat Speck an Äppelkompott. Eng Taass an ee Stéck Äppeltaart huet als Dessert net gefeelt. Eis Tombola war am Nu fort. Mir invitéieren lech schonns op dat nächst Hierkefest am Joer 2026.



KLEESCHEN



ÄPPELVIZ MAACHEN AN DER FIELS

Den 16. November hunn d'Schoulkanner am Haff vum Centre culturel zesumme mat hirem Léierpersonal, Elteren aus dem Cycle 2.1, Kommitteesmembere vun der Elterevereenegung APEEFL an natierlech och mat der Hëllef vun de Gemengenaarbechter Äppelviz gemaach. Wéi all Joer huet de Jos Schanen seng Äppelpress a säi Bäistand an den Asaz vun de Kanner gestallt. D'Äppel hunn si dëst Joer net selwer kënne plécke mä goufen zu Bettenduerf beim Uebst-Bauer Anthony Sauber akaaft.

Dat huet d'Freed awer net gedämpft: mat vill Elan goufen d'Äppel gewäsch, geschnidden a gepresst, an d'Kanner hu geléiert, wéi aus hinnen e frëschen, natierleche Viz entsteet. Zum Ofschloss gouf et eng kleng Degustatioun – e schéinen a léierräiche Moie fir Grouss a Kleng! Den Dag drop ass dann de frëschen an ofgekachte Viz an der Schoul verkaaft ginn. Den Erléis ass fir de Schoulausflug vum Cycle 2.2 geduecht.

FÊTE DU VIZ
